N° 7758
Entrée le 18.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n° 7758 vum 14. März 2023 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

**Kann de Minister bestätegen, dass bei der ENEPS eng aner Formel ugewannt gëtt, fir d'Indemnitéite fir Iwwerstonnen ze berechnen?**

**Wa jo, wéi ass dës Formel, firwat ass se aneschters an zënter wéini se ugewannt?**

Zënter der Grënnung vun der Ecole nationale de l'éducation physique et des sports (ENEPS) am Joer 1984 gëtt op Sportsproffen zeréckgegraff fir de Funktionnement vun der ENEPS ze assuréieren. Dës Proffe ginn entweder an d'ENEPS détachéiert oder déchargéiert a schaffe bei der ENEPS an engem administrative Kader.

Dësen administrative Kader ass identesch wéi dee vun engem klassesche Statsbeamten. Iwwerstonne ginn deemno via de Compte Epargne Temps comptabiliséiert.

Och wann d'ENEPS keng Iwwerstonnen ausbezilt, gëtt zënter 2001 folgend Formel ugewannt, fir den Tarif vun de Sportsproffen an Dokteren auszerechnen, wa si als Chargé de cours fir d'ENEPS täteg sinn:

Nombre de points indiciaires x valeur du point indiciaire x (nombre indice :100) x (1:22) x (1:52)

D'Tariffer fir d'Chargé de cours gi via eng Décisioun vum Regierungsrot festgeluecht, sou wéi et am Kadergesetz vun der ENEPS virgesinn ass. De Regierungsrot huet a senger Décisioun vum 21. Dezember 2001 déi validéiert.

Zukünfteg wäerten d'Tariffer awer an engem Règlement grand-ducal festgehale ginn. De Gesetzesprojet N° 8090 deen aus der ENEPS den INAPS, also den Institut national de l'activité physique et des sports, schaaft, ass den 3. November 2022 déposéiert ginn. Parallel hunn d'Aarbechten un engem Projet de règlement grand-ducal ugefaangen deen déi applicabel Tariffer festleet. Dësen ass den 22. Mäerz am Regierungsrot ugeholl ginn, fir dass en zäitgläich mam neie Gesetz géif a Kraaft trieden.

**Luxembourg le 18 avril 2023**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Engel